



CET

CENTRE POUR L'ÉGALITÉ  
DE TRAITEMENT

Eng **DIREKT DISKRIMINATIOUN** geschitt, wann eng Persoun manner gutt behandelt gëtt, ginn ass oder wäert gi wéi eng aner Persoun, déi an enger ähnlecher Situatioun ass an dat op Grund vun engem vun deene 6 zitéierte Grënn.

Eng **INDIREKT DISKRIMINATIOUN** geschitt, wann eng Dispositioun, ee Critère oder eng Praxis, déi neutral schéngt, e besonneschen Nodeel am Verglach zu aner Persoune verursaache kéint.

De **HARCELEMENT** ass och eng Diskriminatioun, verbonne mat engem vun de genannte 6 Grënn, wann sech en onerwünscht Verhale manifestéiert, deen als Ziel oder Effekt huet, der Dignitéit vun enger Persoun ze schueden an en intimidant, hostilt, beschiedegend, erniddregend a beleidigend Umfeld ze schafen.

Et gëtt spezifesch Dispositiounen iwwert den sexuellen an de moraleschen Harcelement op der Aarbechtsplaz.

Eng Diskriminatioun läit och fir, wann eng **PERSON GEZWONGE** gëtt, eng Diskriminatioun auszeüben. De Prinzip vun der Gläichbehandlung verhënnert net d'Bäibehalen oder d'Aféierung vu spezifische Moossnahmen (actions positives), déi als Zweck hunn, d'Nodeeler ze verhënneren oder ze kompenséieren.



CET

CENTRE POUR L'ÉGALITÉ  
DE TRAITEMENT

[www.cet.lu](http://www.cet.lu)

# DE CENTRE POUR L'ÉGALITÉ DE TRAITEMENT

De Centre pour l'égalité de traitement gouf duerch d'Gesetz vum 28. November 2006 geschaf.

De Centre übt seng Aufgaben ganz onofhängeg aus an säin Ziel ass d'Promotioun, d'Analys an d'Iwwerwaachung vun der Gläichbehandlung tëschent Persounen, ouni Diskriminatioun op Grond vun der Rass, vun der ethnescher Hierkonft, vum Geschlecht, vun der sexueller Orientéierung, vun der Relioun oder vun den Iwwerzeegungen, vun engem Handicap a vum Alter.

Beim Ausübe vu senge Funktioune kann de CET ënner anerem:

- Rapporte publizéieren, Avisen an Recommandatiounen ofginn, an Etüden iwwer all d'Froen, déi mat den Diskriminatiounen zesammenhänken, féieren;
- all Informatioun an Dokumentatioun am Kader vu senger Missioun produzéieren;
- d'Persounen, déi mengen si wäeren Affere vun enger Diskriminatioun, beroden an orientéieren an si iwwert hier perséinlech

Rechter, d'Legislatioun, d'Jurisprudence an d'Méiglechkeeten op hier Rechter ze pochen, informéiert.

De Centre kann sech eigentlech net direkt fir d'Affere vun enger Diskriminatioun asetzen, mä hien ass fir si e wichtegen Uspriechspartner duerch seng Berodungs- an Orientéierungsfunktioun. Nëmme sou kann de Centre seng Missioun an enger konsultativer Aart a Weis iwwerhuelen, an dat mat der néideger Distanz fir d'Systemen, d'Strukturen an d'Prozeduren, déi et gëtt, mat Objektivitéit aschätzen ze kënnen.

# ZESUMMESETZUNG VUM CENTRE

De Centre besteet aus engem Rot vu 5 Memberen, dorënner e President, ernannt duerch hir Kompetenzen um Gebitt vun der Gläichbehandlung.

D'Membere vum Centre üben hir Missioun an aller Neutralitéit an Onofhängegkeet aus. Si üben hir Funktiounen aus ouni a lafend Geriichtsprozeduren z'inter-venéieren. D'Informatiounen iwwer eenzel Situatiounen oder Fäll, vun deenen d'Memberen am Kader vun hirer Missioun zur Kenntnis huelen, stinn ënnert

dem Beruffsgeheimnis. D'Beruffsgeheimnis schléisst d'Kommunikatioun vun allen Informatiounen, déi eng Diskriminatioun fir d'Affer duerstellen, un déi zoustänneg Gerichtsautoritéiten net aus.

Si kënnen all Informatioun, Beleg oder Dokument nofroen, déi fir d'Ausübung vun hirer Missioun néideg sinn, ausser déi, déi ënner dem "secret médical" oder engem anere Beruffsgeheimnis stinn.

Eemol am Joer adresséiert de Centre der Regierung an der Chamber een allgemenge Rapport iwwer seng Aktivitéiten.

Fir eng permanent Präsenz ze garantéieren, gëtt de Sekretariat vum CET vu Staatsemployéen assuréiert. Dës dierfe net Member vum CET sinn.



CET

65, route d'Arlon • L-11400 Luxembourg

T (+352) 28 37 36 35 [info@cet.lu](mailto:info@cet.lu)

[www.cet.lu](http://www.cet.lu)

## PRINZIP VUN DER GLÄICHBEHANDLUNG

D'lëtzebuergesch Gesetzgebung  
konsakréiert de Prinzip vun der  
Gläichbehandlung a schützt géint all  
direkt oder indirekt  
Diskriminatioun op Grond  
vun / vum:

DER TATSÄCHLECHER ODER SUPPOSÉierter ZOUGEHÉIEREGKEET  
ODER NET-ZOUGEHÉIEREGKEET ZU ENGER RASS ODER ETHNIE

GESCHLECHT

DER SEXUELLER ORIENTÉIERUNG

DER RELIOUN ODER VUN DEN IWWERZEEGUNGEN

HANDIKAP

ALTER

All direkt  
oder ondirekt  
**DISKRIMINATIOUN** op  
Grond vun dëse Grënn ass  
**VERBUEDEN!**



## MEMBERE VUM CET

Vu lénks no riets:

Éischt Rei:

Catia FERNANDES - Member, Patrick HURST - President, Annemie MAQUIL - Member

Zweet Rei:

Sandra REITER - Sekretärin, Anik RASKIN - Member, Nicole SIBENALER - Member,  
Nathalie MORGENTHALER - Direktesch

Feelend: Gilles BOULTGEN - Mataarbechter

CET - Centre pour l'égalité de traitement  
65, route d'Arlon • L-1140 Luxembourg

T (+352) 28 37 36 35  
info@cet.lu • [www.cet.lu](http://www.cet.lu)